ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 27. September 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Laut mengen Informatiounen ass bei de Beien am Fréijoer op verschiddene Plazen am Land déi sougenannte Faulbrut festgestallt ginn. Déi betraffe Beiebevëlkerunge sinn doropshin ofgeschwiefelt ginn a mat de Beiekëschte bei der Sidor verbrannt ginn, och vill Beiekëschten aus Plastik, dëst, well et eng extrem schlëmm Beiekrankheet ass, déi och immens ustiechend ass.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen :

1. A wat fir enger Regioun vum Land gouf dës Krankheet als éischt festgestallt? Wéini an a wat fir enger Regioun goufen déi éischt Prouwe geholl?
2. Well dës Krankheet jo ustiechend ass, wat fir eng Mesure goufe geholl, fir dës Krankheet anzedämmen oder ze verhënneren? Gouf bis elo schonn Ursaachefuerschung ënnerholl an, wa jo, wat ass dobäi erauskomm?
3. No deene leschten Informatiounen ass am August elo och am Süden, zu Leideleng, e Stand betraff. Wéi huet sech d'Krankheet bis elo am ganze Land ausgebreet?
4. No mengen Informatiounen ass bei dëser Ofschwiefelung am Fréijoer ee Beiestand am Bësch a Präsenz vun de Pompjeeën verbrannt ginn. Ass dat korrekt?
5. Besteet am Fall, wou eng Beiebevëlkerung vun der Faulbrut befall ass, nach d'Méiglechkeet, dës Beievëlker ze verkafen?
6. Vill Imker kruten d'Neiegkeeten iwwert d'Faulbrut eréischt duerch Artikelen aus der Press. Firwat goufen déi eenzel Imker an der Noperschaft vu befalene Beiestänn net informéiert?
7. Laut Arrêté ministériel vum 16. August 2016 ass speziell fir d'Bekämpfung vu Beiekrankheeten eng Seuchekommissioun ernannt ginn, déi aus sechs Leit besteet. Wat fir eng Missioun(en) erfëllt dës Seuchekommissioun konkret? A wéi enge Fäll gëtt d'Seuchekommissioun geruff a wat sinn déi genee Pouvoire vun dëser Seuchekommissioun?

8. Mir ass zougedroe ginn, datt just een Deel vun de Seuchenwarten Informatiounen iwwert d'Situatioun bei der Faulbrut krut.

   Ee Seuchenwat soll demissionéiert hunn mat der Begrënnung, d'ASV géif eng Selektioun ënnert de Seuchenwarte maachen, mat deenen een zesummeschaffe wéilt. Ass dat richteg?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen,

Deputéierten